LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

N°6811
Entrée le 11.10.2022

Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°6811 vum 12. September 2022 vum éierewäerten Deputéierte Max Hahn iwwer de " Plan de délestage en cas de coupure de gaz naturel''

Wou sinn d'Aarbechten un der Aktualiséierung vum genannte Plang drun?

De „Plan de délestage" gëtt vun deene Gestionnaire fir de Gasreseau ausgeschafft an ass nieft dem „Plan d'intervention d'urgence" vum HCPN an dem „Plan d'urgence relatif à la sécurité d'approvisionnement en gaz naturel du Luxembourg" vum Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire ee vun deenen dräi operative Pläng fir d'Gestioun vun eventuelle Versuergungskrisen am Gasberäich zu Lëtzebuerg. Fir all dräi Pläng gouf am Fréijoer virun dem Hannergrond vun der aktueller Energiekris vun deene jeeweilege responsabelen Acteuren eng Mise à Jour ugestouss. Den HCPN huet d'Mise à Jour vu sengem Plang de 16.9. adoptéiert, an déi zwee aner Pläng wäerten den 19.10. op enger Pressekonferenz virgestallt ginn.

Firwat konnten dës Aarbechte bis elo nach net ofgeschloss ginn?

Déi verschidde Pläng hunn zum Deel substantiell missen iwwerschafft gi fir der neier a komplexer Gesamtsituatioun an der Gasversuergung adequat Rechnung ze droen. Dobäi war et wichteg, d'Pläng konsistent openeen ofzestëmmen, an doriwwer eraus och mat deene verschidden Acteuren am Secteur souwéi mat deene relevante Ministèren am Kader vun der Taskforce Energie ze consultéieren.

Fir wéini wäert den aktualiséierte Plang fäerdeg gestallt kënne ginn?

Dee „Plan de délestage" souwéi dee „Plan d'urgence relatif à la sécurité d'approvisionnement en gaz naturel du Luxembourg" wäerten den 19.10. op enger Pressekonferenz virgestallt ginn.

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2022
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie